

Här Fernand Etgen  
President vun der Deputéiertechamber  
19, um Krautmaart  
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, de 24. Dezember 2021

Här President,

esou wéi d'Chambersreglement et virgesäit, bieden ech lech, dës parlamentaresch Fro un den Här Staats- a Medieminister weiderzeleeden.

Et fält op, datt verschidde Pressekonferenzen vun der aktueller Regierung weder op hirem offizielle Zitt, nach um Zitt vun deene jeeweilige Ministèren audiovisuell an ëffentlech zougänglech dokumentéiert sinn. Bei esou Evenementer handelt et sech awer souwuel ëm eng dacks wichteg Kommunikatioun vun de Representante vum Staat mat de Bierger, op déi d'Leit dann och sollten Zougrëff hunn, wéi och ëm Dokumenter vun der Zäitgeschicht.

An deem Zesammenhang géif ech dem Här Staats- a Medieminister gär dës Froe stellen:

- 1) Wéi gëtt de vollständegen Enregistrement an déi ongeschnidden ëffentlech Dokumentatioun vu sämtleche Pressekonferenzen vun enger Regierung an deenen eenzele Ministère, vum Dag vun hirer Vereedegung bis zum Dag vun der Vereedegung vun enger nächster Regierung, séchergestellt? Kann den Här Minister déi rechtlech Basis vun dëse Prozeduren an déi aktuell Praxis duerstellen? Gëtt et ee Ministère oder eng Verwaltung, wéi z.B. de SIP, den dofir zoustänneg ass? Falls heifir op d'Ënnerstützung vu private kommerziellen Acteuren zeréckgegraff gëtt, kann den Här Minister da matdeelen a wéi engem Rechtsdokument dës Bezéiunge geregelt sinn an opschlësselen, wéi eng Zomm d'Regierung säit hirer Vereedegung, de 5. Dezember 2018 all Joers fir dës Zerwisser bezuelt huet a preziséieren, ënnert wéi engem Budgetartikel dës Sue gefloss sinn?
- 2) Kënnen d'Bierger d'Pressekonferenze vun der aktueller Regierung an enger zentraler, iwwersiichtlecher Mediathék nosichen? Wann net, firwat net? Bis wéini wier an deem Fall de Start vun enger entsprecherender Mediathék virgesinn?
- 3) A wéi engem Délai muss den Nationalarchiv eng Kopie vun all dëse Videodokumenten erhalen? Gëtt den Transfert vun dësen Dokumenter protokolléiert a wa jo, ënnert wéi enger Form an no wéi enge Modalitéiten? Wéi eng Méiglechkeeten hunn interesséiert Bierger fir dës Videodokumenten ëffentlech zougänglech ze consultéieren?

Mat déiwem Respekt,



Fernand Kartheiser  
Deputéierten